



Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322

☎ syfel@syfel.lu

✉ 15, am Duerf

L-7651 Heffingen

CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

## Circulaire zur Petitioun an de Gespréicher mat de Gemengen

Léif Kiercheréit alleguer,

Während Dir an der Oktobersitzung d'**Mandat** fir de Me Bauler an d'**Resolutioun** amgaange sidd ze stëmmen (Merci dofir!) sinn an deenen nächste Wochen nach zwou Saachen extrem wichteg:

### 1) **D'Petitioun N°715: FIR d'Kierch vu Lëtzebuerg an NET GÉINT d'BISTUM.**

Déi éischt Deeg hat is Petitioun e séiere Succès, wat sécherlech op d'Verbreedung per Mail a Post an deene puer klengen Artikelen an der Press zeréckzeféieren ass. Bis elo huet dat is ca. 1800 Online-Stëmme bruecht an wuel och eng ganz Rei Ënnerschrëften op Pabeier, déi mir nach net konnten zielen. (Falls Dir der schonn gesammelt hutt, schéckt se w.e.g. bei de SYFEL zeréck. Merci.)

Elo komme mir an déi zweet Phase:

### **DIR musst lo als Kiercheréit massiv aktiv ginn,**

falls Dir wëllt, datt d'Kierchefabrécke bestoe bleiwen a moderniséiert ginn, an datt all Är Gidder net an een eenzegen „Fonds“ gestach ginn, vun deem nach guer näischt gewosst ass.

Maacht w.e.g. iwverall do, wou Dir hikommt **Reklamm fir online z'ënnerschreiwen**, gitt an der Noperschaft, duerch d'Duerf, an de Veräiner an de Kommissiounen, wou Dir sidd, mat de Formulaire bei d'Leit **fir Ënnerschrëften ze sammelen** a klärt d'Leit op, wourëms et geet. All Stëmm zielt a weist, datt net nëmmen d'Kiercheréit mat deem *Projet de loi* do net d'Accord sinn, mee, datt déi Problematik vill méi wäit iwver den „Sonndesmass-Gänger“ eraus geet.

Dir kënnt och de Formulaire (Anhang 1) recto-verso kopéieren an doruerchter ausleeën, da kënnen d'Leit e selwer zeréckschécken. **(Passt w.e.g. op, datt alles richteg ausgefüllt gëtt: Numm vun der Carte d'identité, Drockbuchstaawen etc. Et sinn nëmmen dës offiziell Lëschten gültig!)**

## 2) **Gespréicher mat de Gemengen: JO – Konventiounen mat de Gemengen: NEE**

Der Press no, an no den Informatioun, déi Dir is gitt, si bis elo nach net vill Konventiounen mat de Gemengen ofgeschloss ginn, déi sech un de *Projet de loi* mat sengen diskriminatoresche Konditiounen (Loyer, *entretien courant* vun engem öffentleche Gebai gedroe vum Notzer, Verbuet vu kommunaler Ënnerstëtzung etc.), oder där, déi *en bonne et due forme* ofgeschloss goufen.

Den Appell, deen de SYFEL Mëtt August lancéiert huet, gëllt elo méi wéi je:

### **Schwätz mat de Gemengen, mee ënnerschreift näischt!!!**

Nach ëmmer ass et nëmmen en *PROJET de loi*, eng Hypothese, e *Provisoire*, deen, wann iwwehaapt, sécherlech net sou bleift, wéi en elo do steet. D.h. d'Konditiounen, déi d'Gemenge missten erfëllen, wann si d'Kierche kréichen, sinn nach net sécher. An de *Fonds*, deen ass fir de Moment nach vill manner sécher, well do existéieren nach net emol Statuten. Et ass mat kenger Zeil gewosst, wéi, wou, wat mat deem *Fonds* lafe soll.

Opgrund vun allen feelenden Informatiounen, kënnen mir als Kiercheréit an och d'Gemengen net rouege Gewëssens, eng Decisioun huelen. Soss si mir als Kiercheréit responsabel a ginn em Minister selwer de Strack an d'Hand fir Doudesuerteel iwwe is ze vollstrecken, d'Kierchefabrécken ofzeschaffen, si ze enteegenen an all hiren Besetz an enger eenzeger Hand ze zentraliséieren.

Wann Är Gemeng drop besteet, dat Dir ëppes schreiwe sollt, gräift op *d'Déclaration d'intention* zeréck (cf. Anhang 2). Déi weist d'Bereitschaft eng Léisung ze sichen, ouni sech elo schon festzeleeën, éier ëppes gewosst ass.

An deem Sënn: Net an d'Knée goen, duerchhalen, bis méi Informatiounen do sinn, datt mer *en connaissance de cause* kënnen decidéieren.

Merci fir Är Ënnerstëtzung a Gedold a mat beste Gréiss

Hiefenech, den 20. Oktober 2016



Serge EBERHARD  
Präsident



Marc LINDEN  
Vizepräsident